

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27. September 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nummer 4690, vum 20. Juli, hat ech d'Regierung no den Auswierkunge vum Héichwaasser op d'Sportinfrastruktur vum lechternacher Lycée, souwéi der lechternacher Gemeng gefrot, déi bis zum Schouljoer 2020/21 vum Lycée matbenotzt gouf. Obwuel d'Rentrée méttlerweil erlaanscht ass, steet d'Äntwert op dës Fro leider weiderhin aus.

Den 22. September war dunn am Lëtzebuerger Wort ze liesen, datt souwuel d'Sportshal, wéi och d'Schwämm vun der lechternacher Gemeng duerch d'Héichwaasser sou schlëmm beschiedegt wieren, datt se missten ofgerappt ginn. An den nächste Méint soll eng provisoersch Sportshal um sougenannte "*Buletts-Terrain*" (den Numm bezitt sech op d'Internat vum lechternacher Lycée) opgeriicht ginn. Den lechternacher Buergermeeschter geet aktuell vun enger Bauzäit vun e puer Méint aus.

Duerfir géif ech der Regierung nach gär dës dréngend Froe stellen:

- 1) Wéi gëtt de Sport am lechternacher Lycée säit dem 15. September organiséiert? Wéi presentéiert sech d'Situatioun fir de spezielle Volet vum Schwammunterrecht?
- 2) Wéi gëtt de Sport an der lechternacher Primärschoul säit dem 15. September organiséiert? Wéi presentéiert sech d'Situatioun fir de spezielle Volet vum Schwammunterrecht?
- 3) Wéi wäit konnt d'Sportinfrastruktur vum lechternacher Lycée méttlerweil nees gefléckt ginn?
- 4) Huet den lechternacher Lycée scho säin Accord ginn, fir op sengem Terrain eng provisoersch Sportshal am Besëtz vun der Gemeng opriichten ze loossen?
- 5) No wéi enge Modalitéite ginn d'Ënnerhaltskäschte vun de gemeinsam benotzten Infrastrukturen tëschent dem lechternacher Lycée an der Gemeng opgedeelt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Minister fir Mobilitéit an
ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro Nr. 5018 vum honorabelen Här Deputéierte Fred
Keup**

Ad 1)

Souwuel déi zwee Turnsäll ewéi och déi baussenzeg Sportinfrastrukture vum lechternacher Lycée kënnen erëm fir de Sport genotzt ginn. Gläichzäiteg goufen a ginn zousätzlech Sportequipementer kaf, déi temporairement a bestoende Raimlechkeeten (am Kräizgank an am Festsall) vum Lycée kënnen fir de Sportunterricht genotzt ginn. Domat ass de Sportunterricht vum lechternacher Lycée assuréiert. Allerdéngs muss de naasse Sport eng Zäit duerch Sport am Sall ersat ginn. De Bau vun der neier Hal fir de Lycée ass an den Delaien a wäert Ufank 2023 fäerdeg ginn.

Ad 2)

Déi duerch d'Iwwerschwemmungen entstane Schied un de Sportinfrastrukturen hunn am Kader vun der Schoulorganisatioun zu onerwaarten Erausforderunge gefouert. Duerch déi exemplaresch Zesummenaarbecht vu sämtleche concernéierte Partner vun der Schoulcommunitéit konnt unhand vun enger Ëmorganisatioun vun de Stonnepläng a Verbindung mat Kooperatioune mat den Nopeschgemeenge kuerzfristeg eng Léisung fonnt ginn, fir de Schüler och weiderhin ee flotten an ofwiesslungsräiche Sportunterricht ze erméiglechen.

An dësem Zesammenhang gouf zu lechternach bis d'Allerhellegevakanz an esouwäit d'Wiederkonditiounen dëst erlabt hunn, déi geplangte Stonnepläng bäibehalen an de Sportunterricht huet am Fräie stattfonnt. Fir no der Allerhellegevakanz gouf een alternative Stonneplang opgestallt, deen et erlaabt, datt d'Schüler och erëm banne Sportunterricht kënnen hunn, an dëst entweder am Festsall oder an der Turnhal (respektiv un der Kloterwand) vun der Jugendherberg.

Aktuell ass et leider fir d'lechternacher Grondschoul net méiglech, de Schwammunterricht ofzehalen, mee och heifir gëtt aktuell intensiv no Léisunge gesicht sou datt och dee viraussichtlech am Wanter stattfanne kann.

Ad 3)

D'Sportinfrastrukturen, déi bause leien, si komplett gebotzt a punktuell gefléckt ginn. De bestoenden Turnsall um Rez-de-chaussée ass gebotzt an traitéiert ginn. De Raum ass während sechs Woche mat Waarmloftkanoune gehëtzt ginn, fir d'Mauern ze dréchnen.

Wat déi nei Sportshal ubelaangt, déi nach amgaang ass gebaut ze ginn, huet näischt misse gefléckt ginn, well et keng Schied gouf. D'Botzaktiounen hate weider kee groussen Afloss op den Oflaf vum Projet.

Ad 4)

Den lechternacher Lycée huet direkt no der Iwwerschwemmung, an de Reunioune mat der Gemeng an deenen anere staatlechen Instanzen, säin Averständnis signaléiert, fir datt d'Gemeng eng provisoresh Sportshal op deem Terrain kann opriichten. Allerdéngs ënnerläit et der Verantwortung vun der Gemeng, fir eng offiziell Demande un de Ministère des Finances ze riichten.

Ad 5)

De Projet vun der provisoresher Sportshal ass nach an der Ufanksphas an dowéinst sinn d'Diskussiounen iwwert d'Ënnerhaltskäschten nach net ofgeschloss.

Lëtzebuerg, den 9. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH